N°2261
Entrée le 29.04.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 29.04.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/04/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Den CEO vu Lux-Airport, den Alexander Flassak, huet an engem Interview mam "L'essentiel" vum 26. Abrëll 2025 annoncéiert, datt de Flughafe Findel eng Erweiderung brauch fir mat der aktueller a zukünfteger Croissance eens ze ginn. Mat 5,1 Millioune Passagéier am Joer 2024 huet de Flughafe méi wéi eng Verdueblung vun der Aktivitéit am Verglach zu virun 10 Joer erlieft. Den Här Flassak huet och preziséiert, datt schonns elo d'Kapazitéitsgrenze wärend de Spëtzenzäiten erreecht ginn an datt d'Infrastruktur muss optimiséiert a vergréissert ginn. D'Slot-Limitatioune wärend bestëmmten Zäiten hunn direkt Auswierkungen op d'Allgemeng Loftfaart, sou wéi och op d'Ausbildung vu Piloten. Dës sinn net nëmme wichteg fir d'Lëtzebuerger Wirtschaft, mee och fir d'Zukunft vun der nationaler Loftfaartkompetenz a fir d'Attraktivitéit vum Findel als regionalen Hub fir d'Groussregioun.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi eng konkret Pläng leien der Regierung fir d'Erweiderung vum Flughafe Findel vir a wéi eng Budgete sinn dofir virgesinn?

2. Wéi gedenkt d'Regierung, déi aktuell Slot-Limitatiounen ze bewältegen, besonnesch wärend de Spëtzenzäiten, déi den Här Flassak als Haaptproblematik beschriwwen huet?

3. Sinn an der Planung vun der Kapazitéitserweiderung och spezifesch Konzepter fir d'Allgemeng Loftfaart virgesinn, fir sécherzestellen, datt och dësen essentiellen Deel vun der Loftfaartaktivitéit genuch Plaz behält?

4. Goufen et Gespréicher mat de Fluchgesellschaften iwwer eng besser Verdeelung vun de Flich iwwer den Dag fir d'Spëtzenzäiten ze entlaaschten, esou wéi den CEO vu Lux-Airport et als eng theoretesch Méiglechkeet erwäänt huet?

5. Wat ass d'Visioun vun der Regierung betreffend der Entwécklung vu Laangstreckeflich, déi den Här Flassak als "eng Fro vun der Zäit" bezeechent huet, a wéi eng wirtschaftlech Opportunitéite gesäit d'Regierung doduerch fir eis Lëtzebuerger Loftfaartindustrie?

6. Den Här Flassak huet erwäänt, datt d'Nuetsflich "nettement augmentéiert" hunn an datt Lux-Airport d'Absicht huet, "d'Zuel vun den Ausnamen ze minimiséieren". Wéi eng konkret Mesurë plangt d'Regierung fir d'Ofhängegkeet vun Ausname bei Nuetsflich ze reduzéieren, ouni datt

d'wirtschaftlech Aktivitéit vum Flughafe beaflosst gëtt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten